N°2420
Entrée le 05.06.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 06.06.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 05/06/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir den Interieur, Justiz & Verdeedegung weiderzeleeden.**

Am Joer 2021 hat een internationaalt Journalistennetzwierk opgedeckt, dass déi israelesch Firma NSO, mat enger Filial zu Lëtzebuerg, eng Trojaner-Software mam Numm "Pegasus" entwéckelt huet, déi noweislech vu verschiddenen europäesche Regierungen genotzt gouf, fir Journalisten, Mënscherechtsaktivisten an Oppositiounspolitiker auszespionéieren gouf.

D'Software gëtt vun der israelescher Firma u staatlech Institutioune verkaf. Den ëffentlechen Informatiounen no, kann dësen Trojaner op Handyen installéiert ginn, ouni, dass de Besëtzer dovunner eppes matkritt. Déi virëg Regierung konnt an den Äntwerten op fréier parlamentaresch Froen (n°4685 a 4692) net ausschléissen, dass och lëtzebuergesch Persounen an Institutioune vum Spionageskandal betraff waren.

Den Informatiounen aus engem reporter.lu-Artikel vum 3te Juni kascht d'Lizenz fir d'Notzung vu PEGASUS bis zu 6 Milliounen Euro d'Joer, plus lafend Käschten.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Fro stellen:

1. Wéi vill gëtt de Lëtzebuerger Staat all Joers fir d'Lizenzgebühren vu PEGASUS aus?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten